

Feedback a Proposen zu de Grades Fonctionnels

Aktuell Situatioun & Feedback :

En PP mat engem gewëssen Grade fonctionnel huet aner Conditions de Formation, a kann och aner emplois managériaux an opérationnels besetzen wéi en PV an dem selwechten Grad.

Dëst mecht et onméiglech un Hand vum Grad d'Fonctioun vun engem Pompjee ze erkennen.

De selwechte Problem stellt sech bei verschiddenen administrativen Agenten déi och e Grad fonctionnel hunn an net déi entspriechend Emplois opérationnels kënnen erfëllen.

PPen si jee no hirer Hierkonft verschidden klasséiert ginn, et gëtt national gesinn keng Koherenz tëschent dem Grad Fonctionnel an der ancienneté de service.

Weder am Règlement Intérieur nach an der Annexe sinn weider Mesures transitoires virgesinn.

Verschidden PPen hate virum CGDIS keng Méiglechkeet fir z.B. Com-Coursen ze maachen, si sinn elo min.3 Joer an hirem jeeweilegen Grad blockéiert wann keng Mesures transitoires kommen.

D'Sessioun 01.18 erfëllt all Konditiounen fir an de Grad vum Brigadier gesat ze ginn.

PPen déi vun de Gemengen iwwerholl gi sinn si méi héich klasséiert ginn, wéi déi vun z.B. der ASS.

Relativ grouss Onzefriddenheet bei den PPen iwwert d'Graden-Verdeelung.

Proposen :

- Méiglechst séier eng direkt Verbindung tëschent Grade Fonctionnel an dem jeeweilegen Kader.
- D'Sessioun 01.18 soll an de Grade vum Brigadier gesat ginn.
- Trennung vun de Graden tëschent PV, PP an administrativem Personal zB duerch eng aner faarflech Hannerleeung.
Dëst géing eng direkt Liaison tëschent Grade fonctionnel an der Fonctioun vum jeeweilegen Agent méiglech maachen.
- Personal wat zukünfteg vum CGDIS iwweholl gëtt, soll nom Règlement Intérieur oder nom proposéierten Régime transitoire gradéiert ginn.
- Régime Transitoire fir de Cadre de Base PP :

- Motivatioun:

E Régime transitoire erméiglecht et eng gewëssen Koherenz tëschent de Grades Fonctionnels an den Graden vun der Fonction Publique ze kreéieren, en erméiglecht et ausserdeem bis 2025 all PP den virun 2017 ugefaangen huet sech an de Grade vum Sergent Chef erop ze schaffen an stellt esou eng Chancëgläichheet tëschent dene verschiddenen Acteuren hir.

- Applicatioun:

- dëse Régime transitoire leeft bis den 01.01.25
- dëse Régime transitoire kann ugewannt ginn op all Fonctionnaires an Employéén an de Carrièren C an D
- all Agent den duerch d'Klasséierung vun der Annexe e méi héijen Grade zougeschwat krut wéi duerch dësen Régime transitoire soll den behalen.

- wann en Agent duerch d'Applikatioun vum Règlement Intérieur méi séier evoluéieren kann, da gëllen déi Konditiounen déi fir den Agent am favorabelsten sinn
 - all Agent den net vun dëse Mesuren betraff ass avancéiert normal nom Règlement Intérieur.
- Conditions d'accès aux différents Grades :
- **Brigadier aspirant:** PP am Stage während der Formatioun;
 - **Brigadier:** PP am Stage no bestanener Formatioun an Affectatioun;
 - **Caporal :** PP am Grade 3, resp.4 no definitiver Nominatioun
 - **Caporal Chef:** PP am Grade 5,6 ;
 - **Caporal Chef 1^{ère} Classe:** PP am Grade 5,6 méi al wéi 50 Joer ;
 - **Sergent :** PP am Grade 5,6,7 mat Promo & Chef d'agrés SAP & Chef d'agrés INCSA;
 - **Sergent Chef :** PP am Grade 7 & Chef d'agrés SAP & COM2;
 - **Sergent Major:** PP am Grade 8 & Chef d'agrés SAP & COM2;